



Äntwert vun der Familljen- an Integratiounsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 7206 vum Här Deputéierte Fred Keup iwwert den Zougang vu Mënsche mat engem Handicap zu der öffentlecher Kommunikatioun.

1)

Déi öffentlech Kommunikatioun vum Staat gëtt sou wäit wéi méiglech fir jiddereen zougänglech gemaach. Ënner anerem andeems d'Ministèren an d'Verwaltungen hir Internetsitten accessibel gestalten. Konkret heescht dat, dass d'Informatiounen ob deene verschiddenen Internetsäiten och a liichter Sprooch publizéiert ginn, an accessibel gestallt solle si fir datt Leit, déi ee Screen Reader benotzen, d'Informatiounen virgelies kënnen kréien.

Ech hunn och am Mäerz 2022 de *“Projet de loi relative aux exigences en matière d'accessibilité aux produits et services”* deposéiert, deen d'EU Directive (UE) 2019/882 du *Parlement européen et du Conseil du 17 avril 2019 relative aux exigences en matière d'accessibilité applicables aux produits et services* ëmsetze wäert.

Deen mam Familljeministère konventionéierte Service fir Berodung an Informatioun *“KLARO”* vun der APEMH bitt spezialiséiert Ënnerstëtzung fir Verwaltungen, Betriiber an Associatiounen, déi hir Kommunikatioun fir jiddereen zougänglech wëlle maachen. KLARO beréit a forméiert Leit fir zougänglech Inhalter ze produzéieren.

Fir speziell Rendezvous'en bei Ministèren oder Verwaltungen gëtt et d'Méiglechkeet e Gebäudesproochdolmetscher um Familljeministère unzefroen.

2)

De 17.02.2022 gouf den Zentrum fir alternativ Kommunikatioun, *« Centre de la Communication Accessible à Tous GIE (Groupement d'intérêt économique) »* offiziell gegrënnt.

Et geet hei drëm verschidden Acteuren - Representant'en vu verschiddene Ministèren a vun 3 Daachverbänn aus dem Domaine vum Handicap (Info-Handicap, FEDAS a Solidarität mit Hörgeschädigten) - déi an de Beräicher Kommunikatioun a Formatioun aktiv sinn, zesummen ze bréngen fir hinnen ze erméiglechen hir Aktivitéite mat Hëllef vum Zentrum, dat natierlech och eegent Personal wäert kréien, auszebauen.

Et kënnen natierlech och vum Zentrum Sujet-iwwergräifend Aktiounen a Formatiounen iwwer accessibel Kommunikatioun ugebuede ginn déi och d'Besoinen vu verschiddenen Typen vu Behënnerung ofdecken.

Hei kann een sech Formatiounen zu ganz verschiddenen Themen a fir ganz ënnerschiddlech Berufsgruppen virstellen. Den Zentrum selwer wäert och d'Funktioenen vun engem Informatiounsguichet fir alternativ Kommunikatiounsformen hunn.



Et soll eng Ulafstell gi wou een Informatiounen ka kréien iwwer, ënnert anerem, d'licht Sprooch an d'vereinfacht Sprooch, iwwer d'Gebäerdesprooch, d'Schrëftdolmetschen, d'Audiodeskriptioun, Ënnerstëtzen an alternativ Kommunikatiounsformen, Piktogrammer, Talker déi vu Leit genotzt kënnen ginn déi beotemt ginn, d'Tast-ABC (Lormen) fir Leit déi weder héieren nach gesinn.

Et geet och drëm een Zentrum ze hunn wou een sech kann iwwer seng Rechter informéieren am Zesammenhang mam Zougang zu Informatiounen a wou all déi néideg Formularen disponibel si fir kënnen eng Hëllef an engem vun de virdu genannte Beräicher unzufroen. (Gebärdendolmetscher, aides techniques vun der Assurance Dépendance fir ee Screenreader oder ee Sproochcomputer, ...).

En anert Beispill ass de Projet "Accessibilitéit vun de Walbüroen". De Familljeministère an Info-Handicap asbl hunn an Zesammenaarbecht mam KLARO eng Informatiounsbroschür mat Recommendatiounen a liichter Sprooch publizéiert. Déi Broschür riicht sech un all Gemengen a soll d'Gemenge sensibiliséieren d'Walbüroen fir all Bierger zougänglech ze maachen.

3)

De Beruff vum Dolmetscher a Gebäerdesprooch gëtt an der Broschür "Interprète-Traducteur" an der Serie "études et métiers", déi de Service d'Information sur les études supérieures vum Ministère fir Héichschoul a Fuerschung erausgëtt, virgestallt (<https://mengstudien.public.lu/fr/publications/lettres-sciences-communication/interprete-traduire.html>). D'Agente vun dësem Service ginn den interesséierte Persounen all zousätzlech Informatioun iwwer d'Studien, déi zu dësem Beruff féieren; de Beruff vum Dolmetscher a Gebäerdesprooch gouf vum 05.11.2020 bis den 02.02.2021 als "Job vum Mount" um Site www.cedies.lu presentéiert (dëse Site gouf méttlerweil duerch de Site www.mengstudien.lu ersat).

4)

KLARO ass de Kompetenzzenter fir liicht Sprooch zu Lëtzebuerg.

KLARO riicht sech un all Persounen an Organisatiounen déi gär méi iwwer liicht Sprooch an Kommunikatiounshëllef wéi z.B. Piktogrammer gewuer ginn, awer och un all déi, déi d'Schreiwen an d'Reegelen vun der liichter Sprooch léiere wëllen. KLARO ass och do fir all Persoun an Organisatioun ze hëllef liicht, verständlech, barrièrefräi Kommunikatiounsinstrumenter z'entwéckelen. De Service KLARO ass iwwer eng Konventioun mam Familljeministère finanzéiert; et gëtt also schonn zënter Joren eng staark an enk Kooperatioun mam KLARO.

Lëtzebuerg, den 15.12.2022

D' Ministesch fir Famill an Integratioun

(s.) Corinne Cahen